ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 13/12/2023

Rapport de la commission de l'agriculture et des chemins ruraux et forestiers

Sëtzung vum 13. Dezember 2023

Präsenzen

Present (Quorum 50% ≥6)	Entschëllegt	Nit oofgemëllt	Observateuren a Experten
Emile SPLICKS (EB)	Romain GIRSCH (DG)		
Nico EICH (EB)	Rosie Brandenburger (CSV)		
Luc SCHOLTES (EB)			
Luc LESCH (EB)			
Jean-Paul VOSMAN (AZH)			
Paul MAHOWALD (AZH)			
Louis Malherbe (DP)			
Sandy WIRTZ (CSV)			
Raoul KIEFER (DP)			

EB = Engagéiert Bierger, AZH = All Zesummen Helperknapp, DG = Déi Gréng

Dagesuerdnung

1. Begréissung a Präsenzlëscht
2. Approbatioun vum Rapport vum 24.10.23
3. Virstellung vum Feldweepogramm fir daat kommend Joër vun der Gemeng
4. Propositiounen vun de Kommissiounsmeberen fir weider Weeër frësch ze maachen
5. Nächst Sëtzung

Punkt 1 : Begréissung a Präsenzlëscht

De Luc L. huet d'Memberen vun der Kommissioun wëllkomm geheescht an d'Präsenzlëscht ass gefouert ginn.

Helperknapp, 13/12/2023

Punkt 2 : Approbatioun vum Rapport vum 24.10.23

De Rapport vun daer läschter Sëtzung vum 24.10.23 ass eestëmmeg ugeholl ginn.

Punkt 3 : Virstellung vum Feldweeprogramm fir daat kommend Joër vun der Gemeng

De Luc L. huet den uwiesenden Memberen déi eenzel Weeër präsentéiert déi d'Gemeng wëlles huet am Laf vum Joër 2024 iwert eng Ausschreiwung vun der ASTA (Administration des Services Techniques de l'Agruculture) frësch maachen ze loosen. D'Gemeng kritt iwert dësen Wee een Subside an Héicht vun 30% fir déi geplangten Aarbechten. Fir d'Joër ass laut dem Devis vun der ASTA een Investment an Héicht vun 560.000 € geplangt.

Sengelserhéicht & Sëngels (Extrait aus dem Geoportail mat der topografescher Kaart)



Helperknapp, 13/12/2023

Punkt 4 : Propositiounen vun de Kommissiounsmemberen fir weider Weeër frësch ze maachen

Beim «Tour de table» haat all Member d'Méiglechkeet seng Propositiounen vun weideren Weeër respektiv him bekannten Problemer ze maachen. Folgend Punkten goufen diskutéiert:

Péischt / Schäckelgen

Den Nico haat een klengen Film mat senger Drohne gemaach deen an der Sëtzung gewissen gouf. Op dësem Wee ass eng Kadasternummer drop, demno handelt et sech ëmt een Syndikatswee. Den Emile kuckt zesummen mam Fierschter fir hei eng Verbesserung gemaach ze kréien, et giff sech schons vill doën wann bessi Gestécks an de Wee gefouert giff ginn. (Kadasternummer 588/2364, Sektioun TA vun Tënten, Lieu-dit: In der Niedeschtwies).

Weiherwasen

Dëse Wee ass nach an der Rei mee plazenweis misst en awa ausgebessert ginn. D'Propose gouf gemaach dass d'Gemeng daat och kéint an Eegenregie maachen, daat néidegt Equipement ass jo disponibel. Mat engem regelméissegen Entretien erspuert een sech och de Wee mussen fréier oder spéider ganz néi ze maachen.

Helperknapp, 13/12/2023



Aarlerwee (Béiwen, rue de Buschdorf CR112, kuerz virun der Résidence geet et riets op de Wee wann een vu Béiwen a Richtung Bëschdrëf fiirt)

Dëse Wee muss eemol oofgefuer ginn an puer Fotoen gemaach ginn, de Wee ass deels an engem manner gudden Zoustand.

Helperknapp, 13/12/2023



PC12 tëschend Béiwen an Useldeng (national Velospiste)

Plazenweis wiir d'Velospiste tëschend Béiwen an Useldeng an engem manner gudden Zoustand. Hei misst d'Corinne aus dem Service technique Kontakt mat der Ponts et Chaussées ophuelen dass sie sech ëmt de Belag vun der nationaler Velospiste këmmeren. D'Gemeng ass op enger Velospiste zoustänneg fir d'Botzen an d'Schneiden vun der Flora.

Lännereien tëschend Béiwen an dem Gréiweknapp

D'Staatsstross CR114 an den Trëppelwee tëschend Béiwen an dem Gréiweknapp ass durch een Gringstreifen getrennt. An dësem Gringstreifen stinn vereenzelt Hecken déi relativ Héich sinn. Sou ass et fir den Trakterfurer relativ oniwersiichtlech wann en vun sengen Wissen op d'Strooss eraus fiirt. Wann d'Gemeng mam Ponts et Chaussées giff kucken dës Hecken an der Héicht ze stutzen wiir eng Verbesserung gemaach.

Helperknapp, 13/12/2023

Punkt 5 : Nächst Sëtzung

Zesummen gouf festgehaalen dass eis nächst Sëtzung den **21.02.24 um 19h00** zu ***Tënten am Sitzungssall vun der Gemeng*** ass. De Sall ass schons vum Luc S. reservéiert ginn.